# Reseau dezentral Kulturzentren

Jean-Claude Majerus

Am Januar gouf op enger Pressekonferenz en neie kulturelle Reseau, de « Réseau luxembourgeois des centres culturels décentralisés » presentéiert.

An dësem Reseau hu sech déi meescht vun de regionale Kulturzentren aus dem Land zesummegedoen.

An dat ass, fir et ufanks ganz trivial ze soen, eng gutt Saach.

D'Missioun vun dësem neie kulturelle Reseau ass, d'Coordinatioun an d'Cooperatioun tëscht de sëllege regionale Kulturzentren ze verbesseren, oder iwwerhaapt emol doraus eng Realitéit ze maachen.

An dësem Reseau luxembourgois des centres culturels décentralisés sinn dës Kulturzentre regroupéiert: d'Escher Kulturfabrik, souzesoen den Doyen vun de regionale Kulturhaiser, de Centre des arts pluriels vun Ettelbréck, d'Coopérations vu Woltz, d'Mierscher Kulturhaus, de Cube 521 vu Maarnech, de Centre Op der Schmelz vun Diddeleng, d'Kulturhaus Nidderanven an de Trifolion vun Iechternach.

Kuckt een dës Lëscht genee, fällt op, datt e regionale Kulturzenter fehlt, an zwar de Kulturhuef vu Gréivemaacher.

Ass dat elo dee richtege Wee, net matzemaachen, et géif een unhuelen Neen.

Et muss een dann awer relativéieren, an dat huet mat der Vocatioun vum Kulturhuef ze dinn.

De Maacher Kulturhuef gesäit sech selwer nämlech méi als Musée wéi als Kulturzenter, an dofir ass de Kulturhuef och méi drun intresséiert an engem Reseau vu regionale Muséeën ze participéieren.

*De Jean-Claude Majerus ass Kulturredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

Domat ass d'Positioun vum Kulturhuef kloer gestallt, eng Participatioun an deem neie Reseau hätt dem Kulturhuef awer bestëmmt och net geschued.

Elo awer neess bei deen neie Reseau: Wéi laang schwätze mer schonn hei zu Lëtzebuerg doriwwer, fir d'Kultur ze dezentraliséieren, fir kulturell net méi esou ofhängeg vun der Stad Lëtzebuerg als kulturelle Mëttelpunkt ze sinn. Dat geet op d'mannst schonn an Zäit vun der Ära Krieps als Kulturminister zréck.

An de leschte Joren ass zwar scho villes geschitt, an ee Beispill vun deem Dezentraliséiere sinn eben déi regional Kulturzentren, déi mer elo quasi flächendeckend uechtert d'ganz Land hunn.

Regional Kulturzentren, déi och eng qualitativ héichwäerteg Programmatioun bidden, a sech op kee Fall brauchen ze verstoppen: déi meescht emol.

Déi regional Kulturzentre probéieren also mat deem neie Reseau hir Plaz an hir Valeur am kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg nach eemol däitlech z'ënnermaueren an zesummen an eng Directioun ze goen.

**D'Missioun vun dësem neie kulturelle Reseau ass, d'Koordinatioun an d'Kooperatioun tëscht de sëllege regionale Kulturzentren ze verbesseren, oder iwwerhaapt emol doraus eng Realitéit ze maachen.**

Et ass fir déi regional Kulturzentren dee beschte Wee, sech an engem Reseau zesummenzedoen, well Coordinatioun a Cooperatioun klappt am beschten duerch eng regelméisseg an intensiv Kommunikatioun, an déi ass mat dësem Reseau garantéiert.

A firwat sollt net nach méi op Zesummenaarbecht gepocht ginn, wéi dat z.B. fir de Kannerprogramm tëscht Ettelbréck an dem Mierscher Kulturhaus scho ganz gutt funktionéiert.

Duerch Zesummenaarbecht kann een um regionale Plang vläicht fir d'Zukunft nach e Schratt méi wäit goen an net nëmmen e kulturell räiche Programm baussent der Stad offréieren, mä déi

eenzel Regiounen vum Land och zu Plaze vun artistescher Creatioun maachen, an dat klappt wuel am beschten, wann d'Institutioune sech zesummendinn.

An domat gëtt de kulturellen Developpement vum Land och weidergedriwwen, an eist Land gëtt kulturell net méi just nëmmen op eng Stad minimiséiert.

D'Stad Lëtzebuerg ass dann eng vun alle kulturelle Regiounen am Land.

Et kann een de regionale Kulturzentre vill Courage mat op de Wee ginn, de Schratt, dee si ginn, ass ouni Zweifel dee richtegen, bleift elo nach ofzewaarden, wat dorauser gemaach gëtt. ◆

radio 100,7 *Kulturchronik vum 20.1.2009*


## Faut-il enseigner les faits religieux?

12 mars 2009, 19 h 30,
Centre culturel de rencontre Abbaye de Neumünster, salle A21

Anne Morelli est une historienne belge d'origine italienne, spécialisée dans l'histoire des religions et des minorités. Docteure en histoire, elle est directrice adjointe du Centre interdisciplinaire d'étude des religions et de la laïcité de l'Université libre de Bruxelles (ULB ), université où elle enseigne également la critique historique, les contacts de culture, l'histoire des religions et la didactique de l'histoire.

Entrée libre

Organisé par Liberté de conscience

forum

Gutschein für die kommenden drei Ausgaben

Name:...........................................................................

Vorname:......................................................................

Adresse:.......................................................................

.....................................................................................

Tel.:.................................. E-Mail:.....................................

Bitte ausfüllen und einsenden an:
*forum* a.s.b.l.
52, route d'Arlon
L-1140 Luxembourg

Tel.: + 352 42 44 88
E-Mail: forum@pt.lu



# forum

für Politik, Gesellschaft und Kultur

gegründet 1976
Herausgeber: *forum* a.s.b.l.
Durchschnittliche Auflage: 1 900 Expl.
10 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680 - 2322

**Ständige Mitarbeiter**
Jean-Paul Barthel, Lex Folscheid, Olivier John, Thomas Köhl, Michel Pauly, Jürgen Stoldt, Viviane Thill

**Koordination**
Lynn Herr

**Autoren dieser Ausgabe**
Uri Avnery, Christoph Bumb, Paul Delaunois, Deidre Du Bois, Maryse Hansen, Tessy Hansen, Nathalie Koedinger, Jean-Claude Majerus, Ulla Peters, Marie Anne Rodesch-Hengesch, Fernand Schintgen, Jean Schoos, Jürgen Stoldt, Jean-Marie Wagner

**Interviewpartner dieser Ausgabe**
Simone Flammang, Nico Meisch

**Originalillustrationen** Olivier John

**Foto Cover** © Jean-Marie Wagner

**Druck** c.a.press, Esch/Alzette



Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung.
© 2009 by *forum* a.s.b.l.



**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 6 Euro |
| Jahresabonnement | 50 Euro |
| Jahresabonnement im Umschlag | 62 Euro |
| Studenten, Arbeitslose und Geschenkabonnements | 38 Euro |
| Jahresabonnement im Ausland | 62 Euro |

Überweisungen auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000
mit dem Vermerk „Neuabo ab Nr …"
und vollständiger Adresse.

Wir danken der *forum*-Fördergemeinschaft und dem Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche für die finanzielle Unterstützung.

**52, route d'Arlon**
**L-1140 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 Fax: 42 44 99**
**E-Mail: forum@pt.lu**
**Bürozeiten: Montag bis Freitag, 9-12 Uhr**

**www.forum.lu**